PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 JAN. 2020
1783

Lëtzebuerg, den 27/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

Am Kader vun den Affären C-623/17, C-511/18, C-512/18 an C-520/18, déi vum europäesche Geriichtshaff um Kierchbierg traitéiert goufen, an sech mat der Konformitéit vun nationale Gesetzer zur Vorratsdatespäicherung mat den europäeschen Norme befaasst hunn, huet de Generalaffekot Campos Sánchez-Bordona sech dofir ausgeschwat, datt national Gesetzer sech mussen um Etat de droit moossen. Am Pressecommuniqué gëtt hien zitéiert mat de Wierder:

> "les moyens et les méthodes de la lutte antiterroriste doivent répondre aux exigences de l'État de droit".

Déi Affären, déi hei traitéiert ginn, si véier renvois préjudiciels fir d'Rechtssécherheet nom Arrêt Tele2 ze kréien. A sengem Avis seet de Generalaffekot, datt déi national Gesetzer déi hei examinéiert ginn, géint d'Proportionalitéit verstousse géifen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung déi véier Affäre suivéiert?

2. Ass d'Regierung der Meenung, datt aus dem Avis vum Generalaffekot och Konklusiounen iwwert d'Legitimitéit vun der lëtzebuergescher Virratsdatespäicherung gezu kënne ginn?

3. Plangt d'Regierung e Moratoire am Kontext vun der Virratsdatespäicherung, falls den Avis vum Generalaffekot vun der Cour géif bestätegt ginn? Falls nee, firwat net?

4. De Generalaffekot sot zum Erhale vum belsche Gesetz:

   > "Ce maintien ne peut durer que le temps strictement nécessaire pour remédier à l'incompatibilité susvisée."

   Wéi schätzt d'Regierung d'Kompatibilitéit vun der lëtzebuergescher Virratsdatespäicherung an dem EU-Recht an?

   Awéifern ënnerscheed déi lëtzebuergesch Gesetzgebung sech an dësem prezise

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fall vun der belscher?

Envisagéiert d'Regierung d'Méiglechkeet de lëtzebuergeschen Gesetzestext vun der CJUE préiwen ze loossen, fir Rechtssécherheet ze kréien? Falls net, plangt d'Regierung den Text z'abrogéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 janvier 2020

Objet : Question parlementaire n° 1783 du 27.01.2020 de Monsieur le Député Sven Clement - Législation concernant la conservation des données

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés